

Abrëll 2012 N°30



Fäschber Gemeengeblat



Layout: Ren Spautz

Redaktion: Dany Hermes, Andrea Wagner, Luss Brosius, Marc Kolber, Roland Miny, Ren Spautz, Frank Weyrich.

Mitarbeiter: Chantal Fohl, Andrée Daems, Christiane Simon, Patrick Delmarque, Simone Majerus, Olivier Molitor, Joyce Rippinger, Gina Hermes, Fränk Daems, Danielle Raach, Christiane Kirtz, Carlo Kraus, Catalina Baden.

Druck:

Faber-Print services & solutions
Mersch

- Seite 1:** Foto vum Frank Weyrich
- Seite 2:** Inhaltsver. & Virwuert
- Seite 3:** Kierchekéier & Advent
- Seite 4:** Gemengesetzung
- Seite 5:** Gemengesetzung
- Seite 6:** Gemengesetzung
- Seite 7:** Gemengesetzung
- Seite 8:** Gebuertsdag Miny
- Seite 9:** Fraen a Mammen
- Seite 10:** Soirée amicale
- Seite 11:** Soirée amicale
- Seite 12:** Médiation Sociale
- Seite 13:** Mill Majerus
- Seite 14:** Olivier Molitor
- Seite 15:** Olivier Molitor
- Seite 16:** Liichtmëssdag
- Seite 17:** Liichtmëssdag
- Seite 18:** Kannerfuesbal
- Seite 19:** Kannerfuesbal
- Seite 20:** Kannerfuesbal
- Seite 21:** Kannerfuesbal
- Seite 22:** Fettendon. & Hexebal
- Seite 23:** Buergsonndeg
- Seite 24:** Quell Laangegronn
- Seite 25:** Hierken & AG-Senioren
- Seite 26:** Elterevertrieder
- Seite 27:** Elterevertrieder
- Seite 28:** Hobby Seite
- Seite 29:** Hobby Seite
- Seite 30:** Eise neie Kaploun
- Seite 31:** Grouss Botz
- Seite 32:** PIUS-Medaillen
- Seite 33:** Précocé bei de Pompjéén
- Seite 34:** Theaterveräin 2012
- Seite 35:** Theaterveräin 2012
- Seite 36:** Konschtausstellung

Redaktiounsschluss Blat 31:
3. August 2012

Kommt mir ginn dee Wee zesummen, um Enn vum Wee sidd dir nach ëmmer déi, déi soe kënnen, Stop, mir wëllen dat doen net, mir wëllen hei stoe bleiwen, mir ginn elo erëm zeréck. Dat ass fir mech geliefte a partizipativ Demokratie, déi duerchaus zum Erfolleg féiere kann. Zesumme si mir staark, zesumme kënnen mir villes beweegen, och eng Verschmelzung vu verschiddene Gemengen zu enger gemeinsamer Gemeng an dat hoffentlech zum Virdeel vu jiddfer Eenzelnen.

VIRWUERT

Ech sinn elo am 7te Joer am Gemengerot dobäi a soen eiser Buergermeeschtesch, dem Marianne Brosius-Kolber, merci, datt hatt mir d'Méiglechkeet gëtt hei zu engem Thema Positioun ze huelen, en Thema wat ganz kontrovers an eiser Gemeng, awer net nëmmen an eiser Gemeng, mä och an de Nopeschgemengen, diskutéiert gëtt, nämlech d'Gemengefusioun mat enger oder méi Nopeschgemengen.

Et ass en Thema, wat ee muss ugoen, fir datt all Gemeng net nëmmen verwalte kann, mä och gestalte kann. Mir hate Mëtt März eng Réunioun mat deene 4 Gemengeréit vu Fëschbech, Fiels, Hiefenech an Noumer, och, awer net nëmmen, fir eis besser kennen ze léieren, mä och fir Reflexiounen ze kréien, doriwwer wéi déi ablécklech Zesummenaarbecht elo schonn an eise Gemenge funktionéiert a verdéift ka ginn.

Déi funktionéiert momentan iwwer Syndikaten, ee Syndikat fir all eenzel Gemeinsamkeet, déi een huet, eppes wat mir perséinlech net esou gutt gefällt, eng zweet Alternativ ass déi vun engem Syndicat communal à vocation multiple. Dat ass fir mech ee ganz ondemokratesche Prozess, wou nach just e puer Leit d'Soen hunn a wou duerchaus kann eng Gemeng oder déi aner schachmatt gesat gëtt, einfach well si majoritär iwwerstëmmt gëtt.

Eng drëtt Optioun ass d'Fusioun, d'Gemengefusioun mat enger oder méi Nopeschgemengen. D'Virbereedungsarbechte mat der Gemeng Fiels an eiser Gemeng si scho relativ wäit fortgeschritt an op deem Positiounspabier kéint een duerchaus viruschaffen. Et ass un Hiefenech an un Noumer, sech do unzeschléissen oder och net.

Natierlech, ouni de Bierger funktionnéiert guer näischt. Et gi menger Meinung no, a gutt verstan, ech schreiwen hei reng a mengem Numm, et ginn zwee Knackpunkten, datt ass op där enger Säit eis Schoul, op där aner Säit eis Veräiner.

De Gemengepolitiker schwätzt an deem Kontext gäre vun Ängschten, ech akzeptéieren dat net, et si keng Ängschten, et ass einfach déi Ongewëssheet virun deem Friemen, deem aneschtens sinn, wat ech awer denken, keng valabel Grënn sinn, well soss giff eis Gesellschaft stoe bleiwen, si giff op der Plaz trëppelen.

Als gebuerene Fielser, ech sinn an der Fiels op 19, rue de Mersch op d'Welt komm, hunn ech am fréie Kannesalter déi éischt Kontakten mat eisen heitegen portugisesche Matbierger gemaach. Mir haten an eiser Schoul, vum zweete Schouljoer un, portugisesch Kanner an eiser Klass, wat eng Beräicherung fir eis war. Ech muss soen, jo, mir waren nach ëmmer an der Klass an der Majoritéit, awer dat huet net laang gedauert, d'Immigratioun ass fortgeschritt, mir hunn Aarbechtskräfte gebraucht, mir haten Entrepreneuren ronderëm der Fiels, mir haten d'Good Year nobäi, an d'Fiels huet ëmmer méi portugisesch Staatsbierger gezielt.

Wa mir haut d'Fiels kucken, d'Fiels ass schéin, trotz oder eben weenst der Mixioun vun deene verschiddenen Natiounen, déi sech an der Fiels niddergelooss hunn an do liewen. Ech huelen nëmmen d'Bleech, südfransésische Flair, et fillt een sech dach ewéi an der Vakanz, éierlech, wee fillt dat net, wann en de Summer erof an d'Fiels op eng vun deene sëllegen Terrassen e Patt huele geet, e Concert lauschtere geet. Sollte mir dat fäerten?

Mir als Gemengerot, an ech denken, wa jiddfereen, och den eenzelne Member vum Gemengerot a net nëmmen de Schefferot, vun Ufank u mat agebonne gëtt an déi Fusiounsgespräicher, datt een en toute connaissance de cause ass, fir och dobaussen de Bierger op ze klären, him d'Wourecht ze soen a net mat Versprieche ze lackelen, déi mir net kënnen anhalen, well mir keen Afloss drop hunn.

Ech wëll vun Ufank un an déi Gespräicher mat agebonne ginn an da gi mir dee Wee zesummen, dat wëllt heeschen, de Gemengepolitiker an de Bierger. D'Gemengeréit weisen de Wee an de Bierger seet, ob en dee Wee mat geet oder net.

Ren Spautz, Gemengeconseiller



D'Kierchekéier aus der Fëschbecher Gemeng ënnerstëtzen d'ONG „Eng Bréck mat Latäinamerika“

Am Kader vun der Cäciliefeier hunn d'Responsabel vun der Chorale Ste-Cécile vun Aangelsbiërg an der Chorale St-Grégoire vu Fëschbech dem Vertrieder vun der ONG « Eng Bréck mat Latäinamerika » Jacques Dahm e Scheck vun 2000 € iwwerreecht.

D'Sue sinn en Deel vum Erléis vum Parfest, dat elo schonns méi wéi 25 Joer an der Summervakanz an der Gemeng organiséiert gëtt. De Jacques Dahm huet all de Bedeelegten e grouse Merci ausgeschwat an e kuerzen Abléck op d'Aktivitéite vun der ONG ginn. Mat de Suen, déi zesumme koumen, ënnerstëtzt d'ONG d'Schwëster Gerda Boonen, déi a Kolumbien nieft engem Internat e Projet an der Landwirtschaft betreit. Et ginn déi néideg Maschinnen ugeschaaft fir méi effizient schaffen ze kënnen. Laangfristegt Zil ass et, datt d'Lokalpopulatioun d'Chancë vun der Landwirtschaft optimal notzt an domadder d'Awunner net méi an d'Aarmevéirel vun de grouse Stied auszewandere brauchen.

Text: Chantal Fohl & Foto: A. Daems



Adventsspill

Am 4. Advent 2011 gab es während der Messe in der Angelsberger Kirche eine Besonderheit. Unter der Leitung von Valerie Weis und Christiane Kirtz-Ewen spielten vier begeisterte Kinder einen lebenden Adventskranz.

Von rechts nach links: Mathis Brust, Tatiana Dos Santos Sampaio, Conny Simon, Joanne Rodesch.

Text: Andrea Wagner, Foto: Christiane Simon





Compte rendu de la réunion du conseil communal du 29 novembre 2011

Présents: M./Mme Brosius-Kolber, Karier, Trausch, Daems, Haas-Erpelding, Majerus-Schmit, Spautz.

Madame Brosius-Kolber, bourgmestre lit la déclaration du collège échevinal pour la période 2012/2018.

- 1) Est approuvé le compte rendu de la séance du 13 septembre 2011.
- 2) Est approuvé l'acte notarié du 28 octobre 2011 entre l'AC Fischbach et les époux Rafferty-Burton concernant une parcelle longeant le chemin de service menant de la « rue du Berger » vers « Im Batz » à Fischbach (à l'unanimité).
- 3) Sont approuvés :
L'acte notarié du 22 septembre 2011 entre l'ACFISCHBACH et Monsieur Paul Robert Nicolas Marie HEINEN, présenté par le notaire Maître Marc Lecuit relatif à l'échange de parcelles sises à Schoos au lieu-dit « rue de l'Ecole », numéro 46/795 contenant 9 centiares et numéro 44/793 contenant 11 centiares (à l'unanimité).

Les actes notariés du 22 septembre 2011 entre l'ACFISCHBACH et les consorts Emile et Camille WEIS ainsi qu'avec les époux Julien HOLZMACHER-METZLER, présentés par le notaire Maître Marc Lecuit relatifs à l'échange de diverses parcelles sises « Am géie Wee » et « rue de l'Eglise » à Angelsberg (à l'unanimité).

Les actes notariés du 22 septembre 2011 entre l'ACFISCHBACH et Monsieur Jean-Claude Thill, les époux Fernand MOLITOR-De WAHA, les époux Claude ROYER-ELCHEROTH, Madame Aline LOUTSCH, Monsieur Jeff BISSEN et Madame Cheryl KOENIG, Monsieur Marco KARIER, présentés par le notaire Maître Marc Lecuit relatifs à la cession d'emprises sises « rue de Glabach » à Angelsberg (à l'unanimité).

- 4) Est approuvé le compte de l'Office social pour l'exercice 2009 (à l'unanimité).
- 5) Est approuvé le compte de l'Office social pour l'exercice 2010 (à l'unanimité).
- 6) Est décidé de créer un poste d'ouvrier communal (m/f) à tâche artisanale de la carrière C avec un taux d'occupation de 100% (à l'unanimité).
- 7) Est approuvée la convention du 29 novembre 2011 entre la commune de Fischbach et les consorts Schmitz concernant la réalisation d'un PAP au lieu-dit « Schleid » à Schoos et prévoyant la construction de 2 maisons unifamiliales (à l'unanimité).
- 8) Est fixée à partir du 1^{er} juillet 2012 la redevance assainissement assise sur l'eau destinée à la consommation humaine ayant fait l'objet d'une utilisation et déversée dans le réseau de collecte des eaux usées comme suit (à l'unanimité) :

Schéma de tarification – redevance assainissement		
Secteur des ménages	Composante fixe 20%	Composante variable 80 %
	30,00 €/EH/an	2,40 €/m3
Secteur industriel	Composante fixe 70%	Composante variable 30 %
	105,00 €/EH/an	0,90 €/m3
Secteur agricole	Composante fixe 60%	Composante variable 40 %
	88,00 €/EH/an	1,20 €/m3



9) Est décidé de nommer :

Commission scolaire: Kolber-Bissen Joëlle, Brosius-Schiltz Tania, Lanners-Majerus Mireille, Scholtes Michèle.

Commission d'intégration: EFF: Brosius-Kolber Marianne, Majerus-Schmit Simone, Pütz-Roth Anne, Dinis Gilberto, Buttiglionippolita, Karst Jan Johan, **SUPP:** Karier Marco, Trausch Claude, Spautz Ren, Daems Fränk, Haas-Erpelding Marie-Louise, **SEC:** Delmarque Patrick.

Commission des Bâtisses: Spautz Ren, Brosius Lucien, Groen in't Woud Raymond, Karier Lucien, Kolber Roger, Zirnheld Olivier.

Commission de l'Environnement et de la Qualité de vie: Daems Fränk, Damgé Guy, Jacobsen René, Krippel Yves, Leick Jean, Weber Elisabeth, Weis Robert.

Commission de la Culture et de la Vie associative: Haas-Erpelding Marie-Louise, Karier Marco, Spautz Ren, Lanckohr Hubert, Wolff Viviane, Becker Doris, Pütz-Roth Anne.

10) Est émis un nouveau règlement communal de circulation. Dans le nouveau règlement, les modifications faites depuis 1990 (ancien règlement) sont mis à jour. De plus, toute la signalisation routière est mise en conformité avec la législation en vigueur.

A titre d'information, le nouveau règlement communal de circulation devra d'abord être approuvé par l'autorité supérieure et ensuite être publié au Mémorial avant d'entrer en vigueur (à l'unanimité).

11) Est approuvé le devis au montant 1.110.779,25 EUR ttc (honoraires compris), présenté par le bureau d'études LUXPLAN S.A. concernant le captage de la source Laangegronn et le raccord au réseau d'eau potable de la commune. Une demande de subside est transmise au Ministère de l'Intérieur en vue de l'octroi d'un subside éventuel de 20 % sur les travaux dont le montant est estimé à 873.895,00 EUR HTVA (à l'unanimité).

12) Est attribuée la dénomination « Laang Roepper » au chemin de Lintgen menant de Schoos vers Rollingen (à l'unanimité).

13) Est alloué un subside au montant de 250 EUR à l'association des parents d'élèves de l'école fondamentale de la commune de Fischbach (à l'unanimité).

Compte rendu de la réunion du conseil communal du 20 décembre 2011

Présents: M./Mme Brosius-Kolber, Karier, Trausch, Daems, Haas-Erpelding, Majerus-Schmit, Spautz,

L'assemblée décide à l'unanimité des voix de prendre un point supplémentaire à l'ordre du jour de la séance, à savoir : Renouvellement des membres de la commission des loyers du canton de Mersch

1) Est approuvé le compte rendu de la séance du 29 novembre 2011 (à l'unanimité).

2) Sont désignés les délégués auprès des syndicats intercommunaux et auprès de diverses associations (à l'unanimité).

- * **BROSIUS-KOLBER** Marianne, bourgmestre
 - comme déléguée auprès du syndicat intercommunal pour le MAINTIEN A DOMICILE à Larochette
 - comme déléguée auprès du syndicat intercommunal NATURPARK MULLERTHAL
 - comme déléguée auprès du syndicat intercommunal FILANO
 - comme déléguée effectif auprès de l'ORT



- * **KARIER Marco**, échevin
 - comme délégué auprès du syndicat intercommunal FILANO
 - comme délégué auprès du syndicat intercommunal SIDERO
 - comme délégué auprès de l'ECOLE DE MUSIQUE à Larochette
 - comme délégué auprès de la LANDAKADEMIE
- * **TRAUSCH Claude**, échevin
 - comme délégué auprès du syndicat intercommunal SIEC
 - comme délégué effectif auprès du LAG LEADER
- * **MAJERUS-SCHMIT Simone**, conseiller communal
 - comme déléguée effectif auprès du CIPA Mersch
 - comme déléguée effectif auprès du CIPA Junglinster
 - comme déléguée auprès du CNFL – Conseil national des femmes du Luxembourg
- * **DAEMS Fränk**, conseiller communal
 - comme délégué auprès du TRANSPORT PUBLIC
 - comme délégué suppléant auprès du LAG LEADER
- * **SPAUTZ René**, conseiller communal
 - comme délégué suppléant auprès de l'ORT
 - comme délégué suppléant auprès du CIPA Mersch
 - comme délégué suppléant auprès du CIPA Junglinster
 - comme délégué auprès de la SECURITE ROUTIERE

Pour les syndicats intercommunaux SYVICOL et SIEC, le conseil constate qu'il n'y a pas de candidat.

- 3) Est approuvé le devis estimatif supplémentaire au montant de 60.000,00 EUR ttc concernant le renouvellement de la conduite d'eau potable dans la rue de l'Eglise à Fischbach (à l'unanimité).
- 4) Est décidé d'approuver le changement de la dénomination de la maison Haas-Erpelding, 22, rue Beringerberg, L-7410 Angelsberg en 38, rue Beringerberg, L-7410 Angelsberg (à l'unanimité).
- 5) Est alloué un subside au montant de 250 EUR à l'association du Coin de Terre de la commune de Fischbach (à l'unanimité).
- 6) Est approuvé le budget rectifié de l'exercice 2011 (à l'unanimité).

	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	3.483.739,00	353.485,00
Total des dépenses	2.869.990,00	2.086.528,49
Boni propre à l'exercice	613.749,00	
Mali propre à l'exercice		-1.733.043,49
Boni du compte de 2010	2.585.330,84	
Boni général	3.199.079,84	
Mali général		-1.733.043,49
Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire	1.733.043,49	1.733.043,49
Boni présumé fin 2011	1.466.036,35	



7) Est approuvé le budget de l'exercice 2012 (à l'unanimité).

	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	3.817.459,38	1.205.610,19
Total des dépenses	3.105.850,00	3.086.005,00
Boni propre à l'exercice	711.609,38	
Mali propre à l'exercice		-1.880.394,81
Boni du compte de 2011	1.466.036,35	
Boni général	2.177.645,73	
Mali général		-1.880.394,81
Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire	1.880.394,81	1.880.394,81
Boni présumé fin 2012	297.250,92	

Dépenses 2012 pour les projets/travaux extraordinaires

	EUR
Acquisition de terrain	400.000
Réaménagement de l'ancienne MR à Angelsberg en maison pour réfugiés	5.000
Acquisition de voiture de service	20.000
Aménagement d'un système modulable sur le campus scolaire	150.000
Transformation partielle du « aalePompjeesbau » à Schoos en maison des jeunes	10.000
Aménagement d'une aire de jeux dans le lotissement « Im Batz » à Fischbach	50.000
Construction d'une morgue et de columbariums au cimetière de Fischbach, solde du projet	45.000
Etude dossier technique I, assainissement des eaux	40.000
Sidero – 1 ^{ère} avance pour la construction d'une station d'épuration à Fischbach	611.000
Création d'un réseau régional d'eau potable – études Daedalus	15.000
Création de zones de protection des eaux – études Geoconseil	35.000
1 ^{ère} avance pour les travaux de captage de la nouvelle source d'eau potable « Laangegronn » à Fischbach	700.000
Renouvellement de la conduite d'eau potable dans la « rue de l'Eglise » à Fischbach, solde du projet	30.000
Filano – solde participation à la construction de la nouvelle piscine au plateau Birkelt	51.000
Aménagement de la place de l'Eglise à Fischbach	100.000
Aménagement de la place du village à Angelsberg	257.000
Participation à l'aménagement des infrastructures du lotissement « Schleiden/Hannert de Gaarden » à Schoos (dépense obligatoire conformément à la loi sur l'aménagement communal)	100.000

8) Est constaté que le conseil communal n'a pas de candidature pour le renouvellement des membres de la commission des loyers du canton de Mersch.

Madame Miny-Reinert vu Stuppicht huet 90 Joer kritt.

D'Madame Miny-Reinert Marianna ass den 13. Januar 1922 zu Bourglënster gebuer ginn, wou si mat hirer Schwëster an hire fënnef Bridder hir Kandheet verbruecht huet.

Am Krich war si 6 Méint am Aarbechtsdénsgscht um Bodensee an duerno huet si der Famill Gilbert aus der Stad den Dénsgscht gemaach.

1946 ass si mam Josy Miny vu Stuppicht bestuet ginn. Zesummen hu si 2 Bouwen, de Raymond an den Nico. Wéi si no hirer Dénsgschtzäit aus der Stad heem op Stuppicht koum, war dat eng grouss Ëmstellung fir si. No vill Komfort an der Stad, huet si misse bal bis op Weiher goen, fir do an der Quell proppert Drénkwaasser ze besuergen.

D'Madame Miny-Reinert huet hiert Liewe laang vill geschafft an nach haut mécht si all Owes d'Keess vum Betrib. Donieft suergen hir 4 Enkel- an 2 Urenkelkanner, datt keng Langweil opkënnt.

Awer och gerousam Momenter weess si haut ze schätzen, gemittlech op der Bänk um Fiels ze sëtzen, oder sech ëm hir Blummen ze bekëmmern, eng Passioun, déi si zäitliewens oprecht erhalen huet. Dee schéinste Merci fir e Blummefrënd wéi si, ass, wa Leit bei hire Blumme stoe bleiwen, fir Fotoen dovunner ze maachen.

De Schefferot aus der Gemeng Fëschbech mat der Buergermeeschtesch, Marianne Brosius-Kolber, nieft hiren zwee Scheffen, dem Marco Karier a Claude Trausch, hunn hir op hirem Gebuertsdag, déi bescht Wënsch vun der Gemeng iwwerbruecht, mat der Hoffnung, datt si nach vill Joer am Krees vun hirer Famill a Frënn ka verbréngen.

Text a Foto: Dany Hermes





Scheckiwwereechung Fraen a Mammen Fëschbech



Ufangs dës Joers hunn d'Fraen a Mammen aus der Gemeng Fëschbech der „Fondation Follereau Luxembourg“ e Scheck iwwer 3000 € iwwereecht, dëst a Präsenz vum Direkter Robert Kohll an der Generalsekretärin, dem Françoise Meisch.

Den Här Kohll huet erklärt datt dat gespente Geld un de „Centre de dépistage et de traitement d'Ulcère de Buruli Le Luxembourg“ an Allada am Benin gebraucht gëtt.

D'Fraen a Mammen aus eiser Gemeng konnten sech un Hand vu Fotoen eng Iwwersiicht vun der Klinik zu Allada maachen, eng Klinik, wuer d'Präsidentin vun hinnen, d'Simone Majerus-Schmit, mëtt Januar fir zwee Méint bénévol als Infirmière schaffe geet.

Text: Ren Spautz & Foto: Archiv FFL

Schoulwee-Begleeder-Formatioun vum 21. 1. 2012 Lëscht vun de Schüler, déi derbäi waren

no	cy	Virnumm, Nonnumm	1. oder 2. Ausbildung
1	3.2	Katy Azevedo	1.
2	3.2	Melda Denessen	1.
3	3.2	Ben Hanfland	1.
4	3.2	Tatiana dos Santos Sampaio	1.
5	3.2	Ines Soares Gonçalves	1.
6	3.2	Vanessa Vital Semblano	1.
7	3.2	Alexandra Van Oost	1.
8	4.1	Kay Brix	2.
9	4.1	Julien Brust	2.
10	4.1	Fabio Gomes Teixeira	2.
11	4.1	Anne Johann	2.
12	4.1	Mariana Rodrigues Teixeira	2.
13	4.1	Carlos Soares Gonçalves	2.
14	4.1	Laurie Simon	2.
15	4.1	Laura Weyrich	2.
16	4.2	Myrthe Beugels	2.



Text: Andrea Wagner & Fotos: Ren Spautz



Soirée amicale





20 Joer am Déngscht vu senger Gemeng, Nico Erpelding.

Mëtt Januar 2012 huet de Scheffen- a Gemengerot op hir "Soirée amicale" an d'Veräinshaus op der Héicht zu Schous invitéiert, fir all deenen déi sech ëm d'Gemeng am Joer 2011 verdéngt gemaach hunn, ee grouse Merci ze soen.

D'Buergermeeschtesch, d'Marianne Brosius-Kolber ass an hirer Usprooch op déi manner schéin Evenementer aus dem vergaangene Joer agaang. Den Doud vum Mill Majerus an deem schwéieren Aarbechtsongléck vum eise Gemengenaarbechter, dem Nico Erpelding.

Awer och Positives ass et ginn, nämlech deem immensen Liewenswëllen vum Nico Erpelding, der enormer Hëllef vu senger Famill a Frënn an esou war et eng grouss Freed fir d'Fëschbecher Buergermeeschtesch, dem Nico fir seng 20 Joer am Déngscht vun eiser Gemeng, eng gëllen Auer z'iwwerechen.

Merciën sinn och un d'Daams-Ludwig Andrée, laangjäreg Schoulmeeschtesch an eisere Gemeng gaang, déi elo hir verdéngten Pensioun an Ugrëff geholl huet.

Och e Merci fir de Rosch Braun, 18 Joer am Gemengerot, dovunner déi lescht 6 Joer als Scheffen. Un de Carlo Kraus fir 12 Joer Gemengerot an un d'Sylvie Spiewak-Lorang fir 6 Joer am Gemengerot.

Bei engem sëfftege Patt a guddem Maufel ass dës "Soirée amicale" ausgeklungen.

Text a Fotoen: Ren Spautz





Service Régional de Médiation Sociale : le succès est au rendez-vous

Il y a 14 mois, le Service Régional de Médiation Sociale ouvrait ses portes. En effet, depuis novembre 2010, une quarantaine de personnes se sont adressées à celui-ci, afin de recevoir une aide dans la gestion de leur conflit de voisinage. Parmi ces demandes, vingt-six d'entre elles ont conduit à l'ouverture d'un dossier. Dans la majorité des cas, la communication entre les partenaires a pu être rétablie et a permis aux personnes d'améliorer leur quotidien en résolvant leur conflit de manière pacifique.

Au fil des dossiers, il a été constaté :

- qu'un conflit peut s'installer dans le temps. En effet, certaines personnes vivent leur différend depuis des années et en souffrent véritablement.
- que les principaux conflits sont dus à des problèmes de plantations ou de nuisances sonores, mais également des stationnements illégaux, des animaux domestiques envahissant auxquels viennent souvent s'ajouter les incivilités, ce qui conduit à une perte totale de la communication.

Si vous êtes en conflit avec votre voisin, si le dialogue est rompu, adressez-vous au Service Régional de Médiation Sociale. Votre demande sera prise en charge par un médiateur, qui après une rencontre individuelle avec vous, et ensuite avec votre voisin, vous proposera une rencontre tous ensemble de médiation.

La médiation est confidentielle et volontaire. Elle constitue une réelle alternative à la justice qui peut s'avérer être très coûteuse et bien souvent inaccessible. Elle permet de trouver une solution qui satisfait les deux parties.

Le Service de Médiation, entièrement gratuit, peut être contacté au numéro suivant : 8002 3883
Permanence téléphonique en présence d'un médiateur les mardis de 9h à 11h et les jeudis de 18h à 20h.
Email : mediation@mecasbl.lu

30, route de Wasserbillig | L-6490 Echternach | Tél.: 8002 3883 | mediation@mecasbl.lu | www.mecasbl.lu



Mill Majerus



Dat hei soll kee Versuch sinn, en Noruff op de Mill Majerus ze schreiwen, et ass vill méi e Versuch, de Mill net a Vergiessenheet geroden ze loossen.

Den 1. Abrëll 2012 ass et elo ee Joer hier, datt hien eis bei engem tragesche Verkéiersaccident, verloooss huet. Et huet sech e grousst Lach opgedon, bei senger Famill, Frënn a Bekannten, awer och bei eis, déijéineg, déi hie geschat hunn, als gudde Mënsch an engagéierte Bierger vun eiser Gemeng.

Ech war bei seng Fra, d'Simone Majerus, fir eppes iwwert de Mënsch Mill Majerus gewuer ze ginn. Bei deem Gespräich ass mir ganz séier verständlech ginn, datt hannert engem staarke Mann, ëmmer och eng staark Fra steet. D'Simone wëll de Wee, deen de Mill ageschloen huet, weider goen, nämlech duerch säin Engagement fir manner bemëttelt Mënschen, krank an al Mënschen, Mënschen déi Hëllef brauchen.

De Mill ass de 7. Mäerz 1950 zu Klierf op d'Welt komm. Gewunnt huet d'Famill Majerus zu Miesdref bei Miersch, do ass hien och an d'Spillschoul gaangen. Well säi Papp Eisebunnert war, ass d'Famill Majerus dacks geplënnert. Zu Ëlwen huet de Mill déi éischt Schouljore besicht. D'Fënneft an d'sechst Schouljoer, déi war hien zu Lëntgen an der Schoul.

Duerno ass de Mill an den "Athénée de Luxembourg" komm, wou hien säi Premières Examen gemaach huet. De 25. August 1973 ass de Mill mam Simone Schmit bestuet ginn. An de Joren 1974-75 war de Mill Schoulmeeschter op der Schanz zu Altréier. Dëst sollt awer net d'Enn vu senger beruflecher Carrière gewiescht sinn.

Am Opdrag vum deemolege Bëschof, dem Monseigneur Hengen, ass hie mat senger Fra op Löwen (Leuven, Louvain) gezunn, wou hien op der Kathoulescher Universitéit seng "Licence en Sciences Familiales et Sexologiques" gemaach huet.

Zeréck zu Lëtzebuerg, huet hien 1978 zu Äischen am Paschtoueschhaus mat senger Famill gewunnt, wou hien am Opdrag vum Bistum de "Centre de pastorale familiale" opgebaut huet.

1986 ass hie vum deemolege Familljeminister, dem Jean Spautz, an de Familljeministère ordonnéiert ginn, wou hie bis zu senger Pensioun eng enorm Aarbecht vollbruecht huet.

An der Zwëschenzäit huet d'Famill Majerus mat de Kanner Benoît, Catherine, Philippe, Carmen, Anne an Daniel, zu Esch-Uelzecht gewunnt. Obschonn de Mill ewéi säi Papp wor, dat heescht, ëmmer gären ënnerwee, hu si sech wollten definitiv nidderloossen. Esou koum et, datt si sech zu Schous eng Bauplazz kaaft hunn, fir sech hei schlussendlech fest ze verankeren. Am Mée 2002, war et esou wäit, d'Famill Majerus ass an hiert neit gebautend Haus geplënnert.

Si hu sech vun Ufank un am Gemengen- a Veräinsliewen engagéiert an de Mill mat senger jovialer an oppener Aart a Weis huet d'Leit ganz huerteg fir sech gewonnen a bei den Parlamentswalen am Joer 2009 ass de Mill an d'Chamber gewielt ginn. Domadder hat eis kleng Gemeng e Vertrieeder an der Chamber, wourop mir déck houfreg waren.

Mä et sollt net sinn, den Doud vum Mill den 1. Abrëll 2011, huet eis erëm an d'Realitéit vum Liewe versat. De Mill war net méi ënnert eis. E grousse Verloscht, net nëmme fir seng Fra, seng Kanner, seng Famill, Frënn a Bekannten, och fir eis, de Bierger aus der Gemeng Fëschbech war et net einfach, dëse Verloscht z'akzeptéieren, och awer net nëmmen, wéinst sengem groussen Asaz am Veräinsliewen vun eiser Gemeng.

Mill, mir wäerten dech net vergiessen, du liefs virunn ënnert eis, duerch deng Fra, deng Kanner an deng enorm Präsenz, och wann déi Präsenz net méi op dëser Welt ass...



Text: Ren Spautz & Fotoen: Familljenalbum Simone Majerus

Neimäerder


(d. *Neuntöter*, *Rotrückenwürger*; fr. *Pie-grièche écorcheur*)

Den Neimäerder ass virun allem doduerch bekannt, datt e seng Beute op Dären opspisst.

Hie gehéiert zur Famill vun de „Würger“. Obschonn hien zu der heefegster Aart vun de Wierger zielt, steet hie bei eis op der roudler Lëscht, well an deene leschte Jorzénge vill Hecke verschwonn sinn.

Hie gëtt 16-18 cm laang, an de Männchen ass däitlech vum Weibchen z'ënnerscheeden.

De Männchen huet wéi den däitschen Numm et scho verréit, e routbronge Réck. Hien huet déi typesch schwaarz Gesichtsmask, wouduerch dat donkelt An aus der Distanz optesch bal ganz verschwénnt. Beim Weibchen ass déi ganz Uewersäit eenheetlech rout-brong gefierft, d'An ass däitlech ze erkennen. Säi Gewiicht läit bei ëm déi 30 Gramm. De Schniewel ass kräfteg an huet e prononcéierten Hoken.



Virun allem de Männchen sëtzt ganz gären héich uewen an enger Heck, vu wou aus hien alles gutt iwwerblécke kann. Nuets zitt den Neimäerder sech awer zrëck an eng Heck. En ass d'ganz Joer iwwer territorial.

Zu senger Nahrung zielen allméiglech Insekten, wéi Beien, Harespelen, Bommelen, awer och Larven, Spannen, Reewiirm a suguer Schleecken. Hie präparéiert sech seng Molzecht regelrecht, andeems en déi schwéier verdaulech Bestanddeeler wéi Flillécken, Been oder Antenne fir d'éischt oftrennt. Ma Vigel,

Eidechsen oder suguer Blannschlécher zielen och zu sengem léifste Friessen. Bei de Vigel fänkt hie sech éischer jonk Individuen, bis zur Gréisst vum Poufank. Onverdaulech Reschter vu Mais ginn ewéi bei den Eilen als „Gewölle“ erausgewiergt. Grouss

Beutedéiere ginn dacks opgespiisst, fir se fir d'éischt kënnen ze zerklengeren, oder fir einfach eng „Spënnchen“ unzeleeën. Am Hierscht ginn och allerlee Friichte gefruppst (Hambier, Hielenter,...).

Den Neimäerder leeft gären a sonnegem Gelänn, wat net ze dicht bewuess ass, d.h. wou Hecken, Wiss, Beem sech ofwiesselen. Ganz beléift ass bei him och e Wunnraum wéi dréche Wisen, duerfir zielen extensiv genotzen Standuerter zu senger léifste Plazen.

Säin Nascht baut hie mat Virléift an Därenhecken. Vun deenen zwee Partner gëtt dëst bannent maximal 1 Woch gebaut. Duerno ginn direkt normalerweis 5-6 Eeër dra geluecht, déi nëmme vum Weibche bannent ongeféier 2 Wochen ausgebritt ginn. No ongeféier weideren 2 Woche verlossen déi jonk Vigel schonn hiert Nascht, ginn awer nach weider gefiddert.



Männchen



Jonke Vull

Verloschter bei deene Jonke ginn haaptsächlech duerch de Markollef an d'Krëi verursaacht, déi entweder d'Eeër oder déi kleng Vigel stibitzen.

Den Neimäerder zielt zu den Zuchvullen an iwwerwantert an de südliche Géigende vun Afrika. Hie gehéiert domadder also zu deene Vigel, déi eng laang Streck zréckleeën fir z'iwwerwanteren. Déi meescht vun hinne fléie bis an de Mosambik, Simbabwe a Botswana. Fir déi wäit Streck kënnen zréck ze leeën flitt hie bei eis Enn August fort, fir dann nees Ufank Mee erëmzesinn. Heifir fléie si och duebel sou séier, wéi wa si an hirem Revéier rondrëm

fléien, an erreechen op hirer wäiter Rees bis zu 75 km an der Stonn.

D'Vulleschutzdirektiv vun der EU (Richtlinie 79/409/EWG über die Erhaltung der wildlebenden Vogelarten) zielt am Unhang 1 eng ganz Rei vun Aarten op, déi besonnesch a Gefor sinn, an duerfir och extra geschützt mussen ginn. Heirënner fält och d'Famill vun de „Würger“.

Text & Fotoen: Olivier Molitor



Weibchen

Liichtmëssdag

Liichtmëssdag, den 2. Februar, ass deen Dag, wou zu Lëtzebuerg d'Kanner liichte ginn, dat heescht se gi mat "Liichtebengelen" a kleng Gruppe vun Haus zu Haus.

Dës Liichtebengele ware fréier einfach Bengelen, ronderëm déi eng Wick opgewéckelt war, haut sinn et meeschtens Lampionen (aus Sécherheetsgrënn mat elektresche Biren, amplaz Kärzen), déi d'Kanner droen. Dobäi gëtt d'Lidd "Léiwer Härgottsblieschen" gesongen.

Wéi aner Feierdeeg och, ass Liichtmëssdag eng Mëschung aus alen, "heednesche" Bräich, op déi e kierchlecht Fest dropgeprafft gouf.

Zeréck geet et op d'keltescht Fest vum Imbolc, dat den 1. Februar zu Éiere vun der Gëttin Brigid gefeiert gouf, an dat Rengegung an d'Fruuchtbarkeet um Enn vum Wanter zum Thema hat. D'Bauere sinn an enger Prässessioun mat Fakelen op d'Felder gezunn, an

hunn d'Gëttin ugebiet, si soll d'Felder rengen, éier se nei ausgeséint géifen. Och d'réimescht Lupercusfest, benannt no engem Gott vun der Fruuchtbarkeet an den Déierenträpp, dat ëm de 15. Februar gefeiert gouf, spillt hei mat eran.

Am 5. Joerhonnert huet de Pöpst Gelasius I. dës Riten duerch d'"Lutefest" ersat, dat dorunner soll erënneren, wéi der Bibel no de Jesus am Tempel presentéiert gouf an d'Maria doduercher och gerenget sollt ginn. No jiddesche Riten hunn d'Mamme missen hiren éischtgebuerene Jong 40 Deeg, nodeems en op d'Welt koum, am Tempel presentéieren. An de Kierche goufen dann d'Fakelen duerch Kärzen ersat, déi da geseent a vun de Leit versuergt goufen, fir se bei Gefor (Donnerwieder, asw.) ofzebrennen.

Quelle: Wikipedia

Fotoen: Frank Weyrich, Joyce Rippinger,
Andrea Wagner



Angelsbiërg



Schous



Fäschbech



Kannerfue





esbal 2012





Kannerfue





esbal 2012



Fettendoneschen



Hexebal






Buergsonndeg

Ons nei Quell

Mir hu jo an de leschte Méint a Jore gehéiert, datt deemnächst eng nei Quell gefaasst gëtt, fir onser Waasserversuergung en zweet Been ze ginn. Am Moment, wou dës Zeile geschriwwen ginn steet nëmme méi eng eenzeg Autorisatioun aus, ier dann d'Ausschreiwung vun den Aarbechte ka gemaach ginn. Mat e bësse Chance geet chde Schantjen an dësem Hierscht lass an am nächste Fréijoer leeft dann dat éischte Waasser aus icer neier Quell duerch ons Leitungen.

D'Quell läit am sougenannte „Laangegronn“ op der Strooss vu Fäschbech op Stuppecht. A wann ee vu Quell schwätzt, da sinn dat an dësem Fall ënnerierdesch Drainageréier aus Inox, déi tëscht zwou Äerdschichten leien. Hei gëtt d'Waasser opgefaangen an an eng Zort Pëtzt geleet. Vun do aus gëtt et dann duerch e Rouer laanscht d'Mille gepompelt, bis bei di aktuell Pompstatioun hannert de Fëschweieren, vu wou aus et dann an dat existent Netz gespeist gëtt.



Op dëser Skizz gesäit een de Pëtzt nieft der Strooss a schematesch och e Rouer fir ze weisen, wéi wäit ënnert de Bësch d'Waasser opgefaange gëtt. Et gëtt dermat gerechent, datt dës Quell net nëmme ganz ergiebeg ass (1000 Fudder den Dag), mee, wéi d'Analysen an de leschte Joer gewisen hunn, och qualitativ ganz gutt a konstant gutt wäert sinn.

Hei ass d'Plaz, wou de Pëtzt gebaut gëtt. D'Zougangshaischen kënnt an de Rambli nieft der Strooss, sou datt een herno bal näischt méi dovu gesäit.

Wann am Hierscht also de Schantjen ufänkt an dir musst iech e bësse gedéllegen, da wësst der, datt et fir e gudden Zweck ass.

E grouse Merci un den Här Romain Beckers vum Service technique vun der Gemeng, deen ons des Informatiounen zur Verfügung gestallt huet.

Text a Foto: Frank Weyrich



HIERKENOWEND

De 24. Februar 2012 hat eise Seniorenveräin säin tradionnelt Hierkefest. Am ganzen sinn 300 Hierkefileten an 30 Hameschmiere verspeist ginn.

Alles an allem e grouse Succès. Natierlech huet och e gudden Dessert mat enger Taass Kaffi net gefeelt. Duerfir reservéiert Iech elo schonn den 22. Februar 2013 fir eist nächst Hierkefest.

Text: Marie-Louise Haas-Erpelding & Foto: Dany Hermes



Generalversammlung Senioren

De 4. Mäerz 2012 huet de Senioreveräin Gemeng Fëschbech seng 7. Generalversammlung am Veräinshaus "op der Héicht" ofgehalen. D'Presidentin Marie-Louise Haas-Erpelding konnt 45 Membere begrüessen, ënner an erem och eis Buergermeschtesch Marianne Brosius-Kolber an de Scheffen Marco Karier.

D'Madame Buergermeschter huet merci gesot fir d'Invitatioun an huet eisem Veräin weider hin ee grouse Succés gewënscht.

Ënner der Leedung vun der Mme Buschmann hunn eis jonk gebliwwen Seniorinnen e puer flott Dänz opgefouert. Duerno bei Kaffi a Bond, ass eis flott Tombola ausgespillt ginn. Nach eng Kéier e grouse Merci un eis Sponsoren a bis d'nächst Joer.



Text: Marie-Louise Haas-Erpelding & Foto: Dany Hermes



Ligue Luxembourgeoise
du Coin de Terre et du Foyer

INFO-Gaart an Heem

Esou wéi och d'lescht Joer, bedeelegt sech d'Sektioun vum Gaart an Heem Gemeng Fëschbech, um Concours „Villages fleuris“. Dir braucht Iech dofir nëtt unzemellen. Eng neutral Jury aus der Ligue fiert zwee Mol duerch eis Gemeng, fir déi schéinste Virgäert, Blumen oder Anlagen ze bewäerten.

Falls och nach een interesséiert ass, un der oppener Gaardepäertchen (24.06.2012) mattzemaachen, sou kann deen sech direkt un d'Ligue wenden oder un eise Comité vum Gaart an Heem Gemeng Fëschbech.



Steckbréif en bref



Luss Brosius
11a, rue de Rollingen,
Schoos



Caroline Cheron
56, Im Batz
Fischbach

Numm:

Adress:

**Erreechbar ënner/
joignable sous**

**Kanner am Cycle.../
enfants au cycle...**

**26 80 37 30
brosiusl@pt.lu**

**zwee/deux
Cycle 1**

**621 343 201
carolinecheron@wanandoo.fr**

**zwee/deux Cycle 1
een/un non-scolarisé**

Elternvertreter der C Représantants des parent

Nach wie vor stehen wir im engen konstruktiven Austausch mit dem Lehrpersonal, der Gemeinde und der Maison Relais.

Nachdem die Rahmenziele des PRS (siehe Gemeindeblatt Nr. 28 vom August 2011, Seite 34) festgelegt waren, prüfen wir nun regelmäßig mit dem Schulcomité den Fortschritt und arbeiten an Projekten mit.

Zum Rahmenziel 1 „Differenzierungskonzept“ hat das Lehrpersonal der Angsber Schoul schon einige Maßnahmen getroffen und ist dabei, Schritt für Schritt im Team Verbesserungen auszuarbeiten, damit unsere Kinder mit verschiedenen Lernmethoden noch besser gefördert werden.

Vor allem beim Rahmenziel 2 „öffentliche Darstellung der Schule“ arbeiten wir kräftig mit. Es ist geplant, dass für den Schulbeginn September 2012 allen Eltern eine mehrsprachige Broschüre mit wichtigen Daten und Informationen zum Schulbetrieb zur Verfügung gestellt wird.

Ebenso üben wir eine beratende Rolle bei der Schulorganisation und bei Fragen zur Schulinfrastruktur aus. Wir sind an verschiedenen Projekten beteiligt, wie „Ausbildung zum Schulwegbegleiter“, „gewaltfreie Schule“ und die künftige „Angsber Schoulband“.

Ein besonderes Thema, das uns wirklich alle angeht, steht am 16. April 2012 an: Sicherheit im Internet. Tagsüber werden alle Kinder der Cyclen 3 und 4 von Profis von Bee Secure sensibilisiert und am gleichen Abend erhalten die Eltern aller Schulkinder wichtige Informationen zu diesem Thema. Treffpunkt: Vereinshaus um 19:30 Uhr.

Wer Fragen oder Anregungen zu unserer Arbeit als Elternvertreter hat, kann sich gerne an uns wenden.

Text: Andrea Wagner



Bärbel Frey
12, Im Batz
Fischbach

691 262 590
Baerbel.Frey@internet.lu

een/un Cycle 1
een/un Cycle 2



Jean-Marie Pütz
16, rue du Puits
Schoos

32 52 82
jmputz@pt.lu

een/un Cycle 1
een/un Cycle 2



Andrea Wagner
14, rue de Schoos
Angelsberg

621 238 811
andreawag@hotmail.de

een/un Cycle 2
een/un Cycle 4

Gemeinde Fischbach

ts, commune de Fischbach

Nos activités se caractérisent par une collaboration constructive avec le personnel enseignant, la commune et la maison relais.

Maintenant que les objectifs du PRS sont fixés (voir bulletin communal No. 28, août 2011, page 34), leur progrès est surveillé ensemble avec le comité d'école et de nouveaux projets sont mis au point.

En ce qui concerne le premier objectif "concept de différenciation" les enseignants ont déjà pris plusieurs mesures. Des améliorations supplémentaires sont en cours d'élaboration au sein de l'équipe pédagogique afin de tenir compte des besoins spécifiques de nos enfants.

Cependant c'est dans le cadre du deuxième objectif « présentation publique de l'école » que nous sommes les plus actifs. Il est prévu de mettre à disposition de tous les parents pour la rentrée 2012 une brochure polyglotte avec des données et informations importantes sur le fonctionnement scolaire.

Au-delà nous exerçons un rôle consultatif dans la mise au point de l'organisation scolaire et des questions d'infrastructure. Nous participons à différents projets ponctuels comme « Accompagnateur sur le chemin vers l'école », « Une école sans violence » et la future « Angsber Schoulband ».

Un sujet brûlant qui nous concerne tous est à l'ordre du jour pour le 16 avril 2012 : La sécurité sur la toile. Pendant la journée tous les enfants des cycles 3 et 4 seront sensibilisés par des professionnels de Bee Secure et en soirée les parents de tous les enfants sont invités pour recevoir des informations importantes sur le sujet. Rendez-vous : Veräinshaus, 19 h 30.

Pour toutes questions et suggestions sur notre travail, nous sommes à votre disposition.

Französische Übersetzung: Frank Weyrich

Hobby-Säit Elena Beckers vu Fëschbech



Wéi kënnt ee jonkt Mädchen dozou, Karate ze maachen, ass dat dach menger Meenung no e relativ haarde Sport an näischt fir „kleng Meedercher“, oder iren ech mech do?

Définitiouen vu Karate kann een op ville Plazen noliesen an ech hunn dëst gemaach: Karate ass eng al Kampfkonscht, datéiert aus dem 19. Johrhonnert, wou Traditionen aus verschiddene Länner ewéi Okinawa, China a Japan sech zesummegeet hunn. Ufanks vum 20. Johrhonnert huet Karate säi Wee no Japan fonnt a vun do un duerch d'ganz Welt.

Karate ass eng waffelos Verteidigungs-Sportart a besteet aus Schlo-, Stouss-, Triet- a Blocktechnik. Dëst ass och de Kär vum Karate-Training. Fir dës Techniken allerdéngs ze beherrschen, brauch een eng insgesamt gutt kierperlech Konditioun. Däi Zäiten, wou Karate haaptsächlech eng Sportart war, wou Brieder oder Zillen zerschloe gi sinn, ass méi oder wéineger eriwuer, gëtt awer nach vun Eenzelen praktizéiert.

Dee moderne Karate ass haut éier op Sportlechkeet ausgeluecht, dat heescht, datt dem Wettkampf eng méi grouss Bedeitung zoukënnt. Karate ass och d'Konscht, seng Schléi ze beherrschen, also just virum Opprall ofzebremsen, fir esou Verletzungen vum Géigner ze vermeiden.

Komme mir erëm zeréck op déi ufanks gestellte Fro. Dat haut 14 Joer aalt Elena Beckers vu Fëschbech huet mat 7 Joer seng Léift zum Sport entdeckt. Et waren dëst allerdéngs aner Sportarten, Schi, Handball oder HipHop ware seng Virléiften. Well hatt relativ schei ass, huet seng Mamm geduecht et wier vläit gutt, wann d'Elena giff eng Sportart bedreiwen, déi säi Selbstwäertgefill giff fuederen an esou koum d'Elena zum Karate an zum Walfer KCW-Walferdange.



Elo ass et awer um Elena, fir eis säi Werdegang am Walfer Veräin ze erzielen:

Ech hunn am 6. Schouljoer mat der wäisser Ceinture ugfaangen a sinn zweemol d'Woch op den Training gaangen.

En halleft Joer duerno hat ech mäin éischte Championnat. Bei dëser „Coupe Prince Louis“ hu mir als Team zu dräi, déi éischt Plaz gemaach an ech am Eenzel hunn déi zweet Plaz gemaach am „Kata“ (Kata ass eng Karate-Choreographie, wou ee géint en imaginäre Géigner kämpft).

No dëse Resultater war ech motivéiert, fir weider ze maachen a sinn dunn schon dräi Mol d'Woch trainéiere gaangen. Am Juni hunn ech da mäin éischte Clubexamen gemaach, wou ech vun där wäisser op déi giel Ceinture gespronge sinn.

Nom Examen gouf ech gefrot, fir véier Mol d'Woch op den Training ze goen, wat ech och 1 Joer laang gemaach hunn. Ech hunn du u verschiddene Championnaten deelgeholl wéi z.B. an der Coque, wou ech déi drëtt Plaz an der Kategorie „Kumité“ (Kumité ass géint e Géigner kämpfen) gemaach hunn, mä et goufen och Championnater, wou ech mech net plazéieren konnt.

Well ech eréischt sou spéit mam Karate ugfaangen hunn, hat ech den Nodeel, datt mir vis-a-vis vun deenen Aneren a mengem Alter e puer Joer Expérience gefeelt hunn. Ech hu vill trainéiert, fir alles nozehuelen an hunn dunn och den Examen fir an den National-Kader gemaach, wou et déi Kéier net duergaangen ass.

Am Juni vum leschte Joer war dann erëm Clubexamen, wou ech vu giel op hallef orange mat zwee Baretten gespronge sinn.

Am September vum leschte Joer huet mech mäin Trainer gefrot, ob ech net fënnef mol d'Woch op den Training komme kéint. Duerch d'Schoul konnt ech dat leider net durchzéien an ech ginn de Moment zwee Mol d'Woch op den Training, sou wéi ech et mat der Schoul vereinbaart kréien.

Text: Ren Spautz
Fotografen: Jean-Claude Schaeffer



Mir stelle vir: Eise neie Kaploun, de Romain Richer

Den Här Romain Richer ass de 4. November 1983 zu Esch/Uelzecht gebuer. Seng Spillschoul a Primärschoul huet hien zu Nidderkärjeng gemaach, wou hien och gewunnt huet.

Duerno ass hien op Esch an de Lycée Hubert Clement gaangen. No sengem Ofschloss an dësem Lycée wor de Wonsch, fir Paschtouer ze ginn, scho ganz konkret. Dofir ass hie fir e Joer „Propädeutikum“ op Tréier gaangen, als Virbereedung op déi spéider Studien.

De Wonsch, Paschtouer ze ginn, war keng spontan Décisioun, vill méi eng iwwer Joere gewuessen Entscheidung. Déi Haaptargumenter sinn: de Glawe viruginn, souwéi dat soziaalt Mateneen, awer och d'Kierchegeschicht. Seng Studien huet den Här Richer du während 5 Joer am Beräich Theologie a Philosophie zu Tréier an zu Paräis gemaach.

Haut ass hie Kaploun am Parverband Miersch mat Sätz zu Lëntgen, Nationalaumônier vun der Landjugend, de Jongbaueren a Jongwënzer, Member an der Jugendpastoral sowéi och an der ONG vun de Jongbaueren an Jongwënzer.

Säi Motto ass: „d'Leit do ofhuelen, wou si sinn“. Dat heescht op si duergoen, a versichen, déi verschidde Generatiounen, jonk an al, zesummenzebréngen duerch sozial Aktiounen oder och Musek, a wisou och net emol duerch e meditativen Owend. De Glawe kann een op vill Manéiere weiderginn, net nëmmen an der Kierch. Sou ass et net verwonnerlech, dass een hien an der Gemeng begéint z.B. wann d'Buerg gebrannt gëtt oder soss e Veräin eng Aktivitéit huet. Et kann ee soen, dass d'Richtlinnen vum Här Richer deene vun eisem neien Äerzbëschof, dem Här Hollerich, a villem gläichen.

Als Hobby steet Reese ganz vir um Programm mat Kultur, Architektur a Konscht am Allgemengen. Awer sou richtig entspanen an ofschalte geléngt him ganz besonnesch beim Fëschchen.

Als Schlusswuert wëll ech e Virsaz oder Wonsch opschreiwen, deem dem Här Richer ganz wichteg ass: „E gutt Zesummeliewen op allen Ebenen“.

Text: Dany Hermes

Fotoen: Album Romain Richer





Wir schreiben Ende März, den Frühlingsanfang haben wir hinter uns gebracht und die Zeitumstellung einigermaßen verkraftet und schon flattert uns eine Einladung ins Haus, die uns dazu auffordert am Frühlingsputz in der freien Natur in unserer Gemeinde teilzunehmen.

31. März 2012, nachmittags 13 Uhr 30 vor dem „Veräinshaus op der Héicht“ in Schoos. Eine große Menschenmenge hat sich dort eingefunden. Menschen jeden Alters, jeder Nationalität, Menschen die nur eines im Sinn haben, nämlich die Natur vom Unrat jener Mitmenschen zu befreien, die heute nicht auf der „Héicht“ dabei sind.

Auch ein Novum gibt es zu melden. Unsere Umweltkommission hat bei der Organisation dieser Putzaktion den Gemeindearbeitern zur Seite gestanden und ab nächstem Jahr soll sie gänzlich in den Händen dieser Kommission liegen. Neu sind auch die an die Teilnehmer verteilten Sicherheitswesten, was die Visibilität der Naturputzer an verkehrsreichen Stellen deutlich verbessert. Schnell noch alle Teilnehmer in Reih und Glied aufgestellt, ein Foto knipsen für unser Gemeindeblatt und schon wird zur Tat geschritten.

Bewaffnet mit Tüten und Unratsammlern (Zangen und Stechern) geht es nach dem Aufteilen der Teilnehmer in verschiedene Gruppen auch schon los und wie jedes Jahr kommt beim Einsammeln des Unrates keine Langeweile auf, sieht man sich doch mit der einen oder anderen einfach in der Natur entsorgten Kuriosität konfrontiert. Nicht alles passt in die großen Tüten und nach zwei bis drei Stunden Einsammeln heißt es mit dem Gemeindelaster die am Straßenrand abgelegten Tüten samt Kuriositäten aufzuladen und fachgerecht zu entsorgen.

Nach getaner Arbeit wird allen teilnehmenden Naturputzern von den Gemeindeverantwortlichen im Café „Am Duerf“ in Angelsberg mit „Ham a Fritten“ gedankt. Schön wäre es, könnte man behaupten, sich nächstes Jahr nicht zu treffen, eine doch verkehrte Welt, diese Welt der unachtsamen Schmutzfinken.

Text & Foto: Ren Spautz

Grouss Botz



Verleihung von PIUS-Medaillen

Im Rahmen eines feierliche Hochamtes, das kürzlich in der Pfarrkirche von Fischbach durch Hochwürden Herrn Vikar Romain Richter zelebriert und von den vereinigten Chören Fischbach-Angelsberg unter der Leitung von John Daems musikalisch gestaltet ward, wurden diverse Piusmedaillen an 5 Chormitglieder verliehen.

Dieser Ehrung ging ein exquisites Vorwort des Zelebranten voraus, der die langjährigen Chormitglieder mit Lob und Bewunderung bedachte. Ansonsten fand Hochwürden anerkennende Wort für beide Chöre, die an Sonn- und Festtagen präsent seien und mit Qualität und großer Einfühlungsgabe mit ihrem polyphonen Gesang maßgeblich zur Verschönerung der Gottesdienste beitrügen.

Im Anschluß wurden folgende Choristen aus Fischbach durch den Vize-Präsidenten des Pius-Verbandes, Herrn Pierre Majerus, für ihre langjährige Meriten im Dienste der Kirche ausgezeichnet: Marie-Josée Degraux-Turmes und Alice Trausch-Huber für je 30 Jahre mit der goldenen Piusmedaille; Michel Daems und Huber Lanckohr für je 40 Jahre mit der goldenen Piusmedaille mit Palmetten, sowie Chorleiter und Titularorganist Camille P. Kohn mit der Goldplakette für 50 Jahre.

Die fünf ausgezeichneten Choristen gehören der Choristen gehören der Chorale St. Grégoire aus Fischbach an. Zum Ausklang der Feier überbrachte Pierre Majerus die Glückwünsche des Piusverbandes und hob in specie die unschätzbaren Verdienste der beiden gemischten Chöre hervor, die sich vor Jahren zusammenschlossen und seitdem ein hohes Niveau auf musikalischem Gebiet erreicht haben.

Zum Abschluß der Feier spendete die Gemeinde Fischbach den obligaten Ehrenwein, die durch Schöffe Claude Trausch vertreten war.

Text: Camille P. Kohn & Foto: Dany Hermes





De Précoce bei de Pompjeeën

De 16. Mäerz, freides mëttes, wor de Précoce op Schous d'Pompjeeë besiche komm. Am Kader vun hirem Projet "Beruffer" hu si niewent dem Schräiner, Usträicher an dem Eisebunner, och de "Beruff" oder "d'Berufung" vum Pompjee dierfe kenne léieren.

Nodeems si mam MTW (Mannschaftstransportwagen) bei der Schoul ofgeholll goufen, hunn de Lucien Karier an de Luss Brosius de Butzen e bëssche vun de Fëschber Pompjeeë verzielt.

Den Héichpunkt wor natierlech, wou si selwer a Pompjeestenuue hunn dierfe klammen a mam Waasser hunn dierfe sprutzen.

D'Wieder huet matgespillt, an ech mengen, dass mir deemnächst wäerte vill Nowuess kréien, well si woren all hell begeeschtert.

Text: Luss Brosius & Fotoen:



Theaterowenter 2012 & Oldie Party 21. Abrëll

Enn Januar, Ufanks Februar, hat den Theaterveräin Fäschbech-Schous-Angsbreg asbl seng alljährlech Theatervirstellungen zou Schous am Veräinshaus „Op der Héicht“. 2012 war et fir d'éischt an deenen 48 Joer, wou den Theaterveräin besteet, datt iwwer 1000 Leit aus der ganzer Géigend an doriwwer eraus de Wee op Schous fonnt hunn, fir enger vun eise 4 Opféierunge bäizewunnen.

Dëst Joer hu mir dee lëschtigen Dräiakter "E Liewen op Staatskäschten" opgefouert. Ënnert der Regie vum Triny Fischbach hu gespillt: Luss Brosius, Jemp Degraux, Michèle Fink, Triny Fischbach, Claude Flick, Gaby Flick, Lucien Karier, Marco Karier, Anne Roth an Angela Zuidberg. Geplüsst hunn d'Joëlle Felten an d'Francine Frisch. D'Fabienne Simon huet während den Opféierungen d'Koordinatioun hannert der Bühn gemaach. Coifféiert a geschminkt goufe mir ewéi all Joer vum Liz a Claudia aus dem Salon Christian vu Luerenzweiler.



Bis zur éischter Theatervirstellung, déi samschdes, den 28. Januar war, hu vill Stonne vun eise Membere missten investéiert ginn.

Donneschdes, de 6. Oktober 2011 haten d'Spiller an d'Flüsterer hir éischt vun 30 Prouwen am Veräinshaus. Dëschdes, de 6. Dezember hunn dunn eis Bühnbaauer de Laurent Degraux, Fränk Frisch a Claude Lepage mat hirer Aarbecht ugefaangen.

E grouse Merci soe mir dem Vincent Karier, deen eis wéi all Joer e flott Bild fir eise Flyer gezechent huet. Dem Ren Spautz soe mir Merci fir de Layout vum Flyer. Esoubal d'Flyere gedréckt waren, sinn iwwer 8000 Exemplaren an der ganzer Géigend vun eise Membere verdeelt ginn. Dunn huet d'Aarbecht vum Tania Brosius-Schiltz ugefaangen. D'Tania mécht zënter enger Parti Joeren d'Reservatiounen fir déi 4 Theatervirstellungen.

Während deene leschten 12 Méint hunn d'Francine Frisch an d'Angela Zuidberg permanent d'Aen opgehalen fir 400 flott Gewënner fir eis Tombola ze kafen.

Déi lescht Deeg virun der éischter Opféierung bleift dann nach vill ze dinn. 24 Podiumer sinn opgeriicht ginn, 275 Still si gesat an nummeréiert ginn, d'Tombola ass opgestallt ginn, d'Frigoe gefëllt an d'Comptoire präparéiert ginn. E grouse Merci un déi Mierscher Gemeng, déi eis wéi all Joer d'Podiumer geléint huet.

Donneschdes, de 26. Januar war dunn d'Generalprouf. Samschdes owes, den 28. Januar war den éischten Theaterowend. Sonndes moies ëm 10 Auer ass du geraumt a gebotzt ginn. Ëm 12 Auer hu mir all zesumme giess. Mëttes ëm 3 Auer war déi zweet Opféierung. Den zweete Weekend ass freides a samschdes owes gespillt ginn.





Déi 3 Owender ass et nom Theater lecker Gulaschzopp ginn, déi de Schiltze Guy vun Hiefenech eis gekacht huet. Dem Guy e grouse Merci.

Sonndes, de 5. Februar war ëm 11 Auer Treff op der Héicht fir unzefänken, d'Bühn ofzerappen, ze raumen an ze botzen. No engem wuelverdénchte Apéro hu mir ëm 1 Auer nach eng Kéier all zesumme giess. Duerno ass et weider gaange mam Raumen a Botzen. Owe ass bei enger Pizza nach dat lescht ugefaange Franziskanerfaass eidel gemaach ginn.

A schonns war d'Theatersaison 2011/2012 schonn erëm eriwwer.



A wéi geet et elo dëst Joer weider ? Majo, de Standardprogramm, aner Theaterstécker kucke goen a liesen, den 1. Mee op de Weier op Fëschbech fësche goen, am Juni Trëppeltour, Enn August Ausfluch op Ostende, am Oktober Generalversammlung asw. ewéi ëmmer halt.

Neen, net ganz, dëst Joer hu mir fir d'éischte Kéier eis Oldie Party den 21. Abrëll zu Schous op der Héicht. Nëmmen déi bescht Musek aus de 60er, 70er an 80er Joere mat den Action Dee Jays. D'Veräinshaus wäert och fir deen Dag an déi al Zäit zeréckversat ginn. Also sicht um Späicher schonns äert Gezei aus där Zäit eraus, fir et ze lëften a verpasst déi Mega Oldie Party net. Entréestickete kritt dir am Virverkauf bei all eise Memberen.

Text: Carlo Kraus & Luss Brosius / Fotoen: Egide Hilger



KONSCHTAUSSTELLUNG

AM PRECOCE AN AN DER SPILLSCHOUL ZU ANGELSBIERG

**MIR HUNN D'GANZT JOER VILL GESCHAFFT.
MIR HU GROUSS KËNSCHTLER KENNEGELÉIERT
A VILL MAT FAARWEN EXPERIMENTÉIERT.
ELO WËLLE MIR IECH D'RESULTAT DOVU WEISEN.**

WÉINI ?

FREIDES, DEN 18. MEE 2012

**VU 15:00 – 17:00 AUER EXCLUSIV FIR D'ELTEREN
VU 17:00 BIS 19:00 FIR DE PUBLIC**

WOU ?

**AM HALL VUM PRÉCOCE
AN DER SPILLSCHOUL
ZU ANGELSBIERG**

**MIR HOFFEN, DATT DIR ELO VIRWËTZEG SIDD
AN EIS BESICHE KOMMT.**

DEN ERLÉIS ASS FIR E GUDDEN ZWECK

**D'KANNER AN D'JOFFEREN
AUS DEM PRÉCOCE AN AUS DER SPILLSCHOUL
VUN ANGELSBIERG**